

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministerin fir Integratioun weiderzeleeden.


Enn Januar gouf an der Chamber iwwer dat neit Integratiounsgesetz debattéiert. Bei där Debatt hat d'Madamm Integratiounsminister gesot, et sollt een als Lëtzebuenger net vun de Mënschen, déi bei eis an d'Land kommen, verlaangen, sech unzepassen. D'Madamm Minister hat an deem Zesummenhank d'Fro opgeworf, ob de Begrëff „Integratioun“ iwwerhaupt nach zäitgeméiss wier, ob et net éischer misst drëm goen, sech „géigesäiteg kennenzelieren a gemeinsam ee Lëtzebuerg ze schafen.“

De Konzept „Integratioun“ sollt also duerch de Konzept vum „vivre-ensemble“ ersat ginn. Dobäi steet am Koalitiounsaccord vun 2018 ganz kloer: „L'intégration et l'inclusion socio-culturelle seront au cœur de l'action gouvernementale.“ An och: „Afin d'améliorer l'intégration de tous les non-Luxembourgeois résidant sur le territoire national, les moyens nécessaires seront mis à disposition du Ministère ayant l'intégration dans ses attributions pour mettre en œuvre le Plan d'action national d'intégration (PAN).“

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Kënnt Dir präzisieren, ob de Begrëff „Integratioun“ och weiderhin am politeschen Diskurs vun der Regierung bestoe bleift? Wann dat net de Fall sollt sinn: Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung, fir de „Ministère de l'Intégration“ an Zukunft ëmzebennen?
- 2) Wéi gesäit d'Madamm Minister an Zukunft d'Roll, d'Aufgaben an d'Ziler vum Integratiounsminister?
- 3) Ugesiichts vun der A-Fro-Stellung vum Begrëff „Integratioun“: Wéi wëll d'Madamm Minister sécherstellen, datt an Zukunft déi zentrifugal Elementer an eiser Gesellschaft net Iwwerhand huelen iwwer déi zentripetal Elementer, also déi Elementer, déi eng Gesellschaft zesummenhalen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup
Deputéierten